

nen, déi dem Statsrot och konnt eng Opposition formelle entzéien. Dat ass am drëtten Ulaf geschitt, an ech sinn och duerfir frou, dass mer haut kënnen dee Projet evakuéieren. Dat erlaabt eis och dräi Reglementer, déi scho vun der Conférence des Présidents vun der Chamber aviséiert sinn, gläichzäitig a Kraaft ze bréngen, esou dass mer engersäits manner Rechtson-sécherheet hunn am Land, an op dår anerer Säit komme mer och bei eisem Scoreboard mat der Émsetzung vun den Direktiven, notamment vum Marché intérieur an aneren, weider.

Den Här Jaerling huet zwou Froe gestallt, déi éischt ass déi iwwert de Responsabele vun der Mise sur le marché. Do ass einfach de Problem an engem klenge Land, dass een deen net ka vun uewen ero fixéieren. Wann de Producteur hei am Land ass, dann ass et deen, wann et awer een aneren ass, deen importéiert, dann ass et en aneren, an duerfir musse mer eis hei Latitude ginn, fir dass d'Gewerbeinspektiou Fall fir Fall dat heite ka kontrolléieren, fir do de Leit ent-géintzekommen.

An ech mengen de Statsrot huet jo och do juristesche Problemer gesinn. De Statsrot huet sech hei d'Saach net einfach gemaach. En huet seng Opposition formelle opgrond vun eisem leschten Amendement, dee mer an der Kommissiou zesumme gemaach hunn, levéiert, an da mengen ech, dann hätte mer d'Rechtson-sécherheet och levéiert.

Wat richteg ass, dat ass, dass eng nei Generatioun vun Direktiven am gaang ass ze kommen, d'REACH-Direktiven, wou während der Lëtzebuerger Présidence vill dru geschafft gouf. Déi sinn awer nach net fäerdeg, dee Pak REACH. Duerfir solle mer elo emol déi heiten Direktiven émsetzen, well och d'Kommissiou dat esou vun eis verlaagt. An ech menge mir sollen se esou émsetzen, dass mer se och elo kënnen à ce stade hei zu Lëtzebuerg uerdentlech émsetzen.

Duerfir géing ech lech bidden, déi heiten Direktiv esou unzehuelen, also d'Gesetz iwwert d'Émsetzung vun der Direktiv unzehuelen, an do-duerch eis ze erlaben, eng Partie Rechtson-sécherheet aus der Welt ze schafen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domat ass d'Diskussiou ofgeschloss. Mir kommen zur Of-stemmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5254 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen, bei 1 Abstentioun.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Laurent Mosar), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Lucien Thiel), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri (par M. Roland Schreiner), Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Charles Goerens), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner (par M. Xavier Bettel);

M. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koopp et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Wëllt ee seng Abstentioun begrënnen?

M. Aly Jaerling (ADR).- Dat hunn ech gemaach.

(Hilarité)

M. le Président.- Très bien. Da froen ech d'Chamber, ob se d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel gëtt?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidier.

Mir kommen dann zum nächste Projet de loi, dat ass de Projet 5293, eng Konventioun iwwert de Bureau Européen des Radiocommunications. Rapporteur ass den Här François Maroldt. Här Maroldt, et ass un lech.

Une voix.- Très bien.

9. 5293 - Projet de loi portant approbation de l'instrument amendant la Convention relative à la création du Bureau Européen des Radiocommunications (BER), fait à Copenhague, le 17 décembre 2002

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Media et des Communications

M. François Maroldt (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de virleende Projet ass sécherlech keen absoluten Highlight beim Ofschluss vun eisem parlamentaresche Joer. Ech denken awer, dass désen Text iwwert déi administrativ Zesummeleitung vum Bureau Européen des Radiocommunications, kuerz BER, an dem Bureau Européen des Télécommunications, kuerz BET, zum nei geschafene Bureau Européen des Communications, kuerz BEC genannt, sécherlech zu engere Verbesserung vun der Koordinatioun an den Aarbechte vun dése Gremien an engem Beräich, dee fir Lëtzebuerg als Mediastandard besonnesch wichteg ass, bâldréit.

De virleende Projet ass den 29. Januar 2004 vun der deemoleger Ausseministesch Lydie Polfer an der Chamber deponéiert ginn. Den Text ass den 20. Januar an de Statsrot verwise ginn, an de 4. Mee 2004 aviséiert ginn. An der Kommissiounssättzung vum 19. Oktober 2004 huet d'Kommissioun hire Rapporteur designéiert. An därselwechter Sëtzung souwéi an der Sëtzung vum 9. Juni 2005 ass den Text zesumme mam Avis vum Statsrot analyséiert ginn. De schrëtleche Rapport ass an der Sëtzung vum 30. Juni 2005 ugeholl ginn.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

D'Conférence Européenne des Postes et Télécommunications, kuerz CEPT, ass 1959 vun 19 Staaten an d'Liewe geruff ginn. Et ass haut eng Organisatioun, déi net manner wéi 45 Staten emfaasst, queesch iwwert den europäesche Kontinent. Dës Organisatioun befasst sech an alleréischter Linn mat de reglementareschen Aspekter am Beräich vum Post- a Kommunikatiounswiesen. Bis 2001 huet sech d'Organisatioun an dräi Comitéen opgedeelt: de Comité Européen des Régulateurs Postaux, CERP, de Comité Européen des Radiocommunications, CER,

Comité Européen pour les Affaires de Réglementation des Télécommunications, CEART.

(Hilarité)

Dës zwee lescht genannte Comitéen hunn an den 90er Joren zwee Büroen an d'Liewe geruff, déi als Begleitorganer bei den Aarbechte vun désen zwee Comitée fungéieren. Dat eent ass de Bureau Européen des Radiocommunications, kuerz BER, an dat aner ass de Bureau Européen des Télécommunications, kuerz BET. Am September 2001 ass d'CEPT sech eens ginn, fir Reformen an hirer Aarbechtsweis anzeleeden, déi sech un den Entwicklungen am Beräich vun den Informatiounstechnologien orientéieren. Dozou gehéiert och d'Fusioun vum BER a vum BET,...

(Interruptions)

...déi elo an ee Büro, dem BEC, ze summegeluecht ginn. Dësen neie Büro assistéiert elo souwuel de Comité des Communications électriques wéi och de Comité des Affaires postales an d'Présidence vun der CEPT.

D'CEPT huet d'Konventioun iwwert d'Kreatioun vum BER vum 23. Juni 1993 amendéiert,...

(Interruption)

...fir d'Kompetenzen aus dem BET dem BER ze iwwerdroen an de BEC an d'Liewen ze raffen. Dëst Instrument ass den 8. an den 9. Abrëll 2002 duerch de Conseil vum BER bei senger 14. ordinärer Réunioun adoptéiert ginn, esou wéi et am Artikel 20 Paragraph 1 an der Konventioun iwwert d'Schafung vum BER vu La Haye virgesinn ass.

De BEC ass also haut de permanenter an eenzege Büro vun der CEPT,...

(Hilarité)

...wat zu enger Vereinfachung vun de Strukturen a vum Fonctionnement vun der CEPT gefouert huet.

Une voix.- Ah!

(Interruptions diverses)

M. François Maroldt (CSV), rapporteur.- Et vereinfacht och d'Relationen zwëschent den Instanzen vun der CEPT an aneren internationalen Organisatiounen, wéi beispillsweis d'Europäesch Unioun oder den Institut européen de Normalisation.

Op verschidde juristesche Krolegkeeten huet de Statsrot a sengem Avis vum 4. Mee 2004 higewisen. Duerch dat amendéiert Instrument vun der Konventioun iwwert d'Schafung vum Bureau Européen des Radiocommunications gëtt déi initial Konventioun vum 23. Juni 1993 ersat an d'Konventioun vum 8. Abrëll 1999 zur ETO oder dem Bureau Européen des Télécommunications abrogéiert, an deem Moment wou d'Ratifikatiouns-, d'Akzeptatiouns- an d'Approbations-instrumenter vun de Vertragsënnerzeichner op d'mannst zu 80% vun de Parts contributives um neien Organismus un de Gouvernement dépositaire vun der Konventioun iwwert de BEC gaange sinn.

Fir Lëtzebuerg stellt sech deemno d'Fro, ob eist Land weiderhin un déi ze ersetzend Konventioun liiert ass, obwuel déi auslafe wann all d'Konditioun fir d'Akkrafttriade vun der neier Konventioun rassembléiert sinn.

De Statsrot huet sech des Weideren dofir ausgeschwatt fir den Artikel 2, esou wéi en am initialen Text virgesi war, erauszehuelen, well d'Konventioun iwwert de BET vum 8. Abrëll 1999 ausleeft, soubal d'Konventioun iwwert de BER a Krafft trëtt. Désor Observatioun ass d'Kommissioun nokomm an huet de beseten Artikel aus dem Projet erausgeholl.

Här President, ech denken ech hätt a mengem Rapport d'Haaptbilieré vun désem Projet de loi duerge-luecht. Dëse Projet huet an der Kommissioun zu kenge gréissere politesche Verwerfunge gefouert, an dofir géif ech lech bidden, dësem Projet Är Zoustëmmung ze ginn, esou wéi dat d'CSV-Fraktioun mat hirem Accord virmécht.

Ech soen lech Merci fir d'Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Maroldt Merci fir säi kloren an däitleche Rapport. Als éischte Riedner ass den Här Niki Bettendorf agedroen. Här Bettendorf, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Niki Bettendorf (DP).- Här President, ech wollt lech soen, dass ech och dem Rapporteur vill-mools Merci soe fir säin ausférleche Bericht. A kuerze Wierder: Mir haten de BER, mir haten de BET an elo hu mer de BEC.

(Hilarité)

Wat ze soen ass, dat ass dass de BEC d'"personnalité juridique" huet, dass e ka Kontrakter signéieren, dass e kann „ester en justice“, dass e kann Accorden ofschléisse mat de Staten an internationalen Organisatiounen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Eise Rapporteur huet eis dat ganz ausférlech duergeluecht. Mir soen him nach eng Kéier Merci an ech iwwerbréngen heimadder den Accord vun eiser Fraktioun, vun der Demokratescher Partei.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Bettendorf. Den Här Diederich fir déi sozialistesche Fraktioun.

M. Fernand Diederich (LSAP).- Nom excellenté Rapport vum Här Maroldt an och den zousätzlichen Erklärunge vum Här Bettendorf...

(Hilarité)

...bleift mer just eppes iwwreg: den Accord vun eiser Partei ze ginn.

Plusieurs voix.- Très bien! Aahhh! Bravo!

M. le Président.- Den honorabelen Här Braz huet d'Wuert.

M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- Ech wéll dem Här Maroldt och just Merci soe fir dee Bericht. Et war net einfach, mat esou vill Ofkierzungen e Bericht ze halen, mä hien huet dat op eng korrekt Aart a Weis gemaach, och an der Kommissioun. Dofir Merci, a vun de Gréngs dann och dofir d'Zoustëmmung zu désem Projet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Minister Jean-Louis Schiltz huet d'Wuert.

M. Jean-Louis Schiltz, Ministre délégué aux Communications.- Jo, Här President, ech menge, datt meng Virriedner praktesch alles gesot hunn. Ech wéll just vläicht eng Kéier drop hiweißen, datt et hei drëm geet fir datt dee Büro, deen neie fusionéierte Büro, deen eng Vereinfachung ass. Avisé gëtt an Etude réaliséiert an den Domäner vun den elektronische Kommunikatiounen a vun der Post.

Ech wollt dem Här Maroldt vun déser Platz Merci soe fir säi Rapport an och de Kolleegen aus der Kommissioun. Ech mengen et bleift soss näischst deem Projet bâizefügen.

M. le Président.- Merci, Här Minister, fir déi kuerz a prägnant Stellungnahm. Da komme mer direkt zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5293 ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Martine Stein-Mergen), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri (par M. Roland Schreiner), Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri (par M. Roland Schreiner), Jos Scheuer, Romain Schneider et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koopp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidier.

Mir kommen elo zum leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut, der Diskussiou vum Projet iwwert d'Notzung vum extra-atmosphäresche Raum. D'Wuert huet den honorabelen Här Patrick Santer. Här Santer!

10. 5363 - Projet de loi portant approbation du Traité sur les principes régissant les activités des États en matière d'exploration et d'utilisation de l'espace extra-atmosphérique, y compris la Lune et les autres corps célestes

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Media et des Communications

M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an de 50er, 60er a 70er Jore vum leschte Jor honnert hat d'Raumfahrt nach Symbolcharakter am Kale Krich. Esou ass haut awer d'Conquête spatiale virun allem op eng friddlech Notzung ausgeriicht an och eng méi kommerziell Notzung. An internationale Konsortiën mat Participatioun vu Staten aus alle Kontinenter gëtt och virun allem um Niveau vun der Satellitentechnologie zesummegeschafft.

Mam virleinden Text gëtt de sou genannten Traité de l'Espace gutt geheesch. Den offiziellen Terminus ass «Traité sur les principes régissant les activités des États en matière d'exploration et d'utilisation de l'espace extra-atmosphérique, y compris la Lune et les autres corps célestes». Wat och émmer dat heesch.

(Interruptions)

M. Robert Mehlen (ADR).- Sinn se eenzel all opgezielt?

M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.- Si sinn net all opgezielt. Si sinn och net am schriftliche Bericht opgezielt. Mä, Här Mehlen, Dir kénnt dat roueg eng Kéier nohuelen.

Désen Traité definéiert d'Regelen, déi ee brauch fir e friddlecht Matenaner téschent de Staten am Beräich vun der Exploitatioun vum Weltraum ze garantéieren.

Désen Text ass den 19. Dezember 1967, also am Kale Krich, vun der UNO-Vollversammlung ugeholl ginn an ass och eng logesch Suite vun enger anerer Deklaratioun vun der UNO-Vollversammlung aus dem Joer 1963 iwwert déi Prinzipié vun de staatlechen Aktivitéité bei der Exploratioun vum Weltraum. Déi zwee Texter, also deen Traité an dës Deklaratioun, hunn d'Jaloné geluecht fir déi friddlech Notzung vun deem sou genannten Espace extra-atmosphérique, well se niewent aneren...

(Coups de cloche de la Présidence)

...internationale Konventioun kloer duerguecht hunn, datt et net ka sinn, datt de Weltraum u sech e rechtsfräie Raum ass, wou alles méiglech ass.

Et bedierf kloer Regele bei senger Exploratioun, bei senger Exploitatioun, déi virun allem déi internatioal Zesummenaarbecht an déi friddlech Notzung an de Vierdergrond stellen. Beispiller heivunner sinn änner anerem den Austausch vun Informationen, d'Definitioun vu generellen Norme fir d'Sécherheet ze assuréieren oder d'Not-

zung vun der Nuklearenergie am Weltraum.

Niewent dësem Traité de l'Espace gëtt et aner Traitéen, déi e ganz generelle juristesche Kader an dëser Matière stellen. Fir d'éischt gëtt et en Accord iwwert d'Rettung vun den Astronaute vun 1967, och den 19. Dezember 1967. Lëtzebuerg huet deen Text énnerschriwwen, mä nach net ratifizéiert. Een Deel dovunner gëtt och an dësem Text scho geregt.

En zweeten Text ass d'Konventioun iwwer eng international Responsabilitéit bei engem Schued, duerch e Satellit zum Beispill. Et ass eng Konventioun vum 29. November 1971. Déi hu mer duerch e Gesetz vum 9. Juni 1983 approuvéiert.

En drëtt Instrument ass eng Konventioun vum 1974 iwwert d'Immatrifikation vu Satelliten an aneren Objeten, déi esou am Weltraum ronderëm fléien.

Ee véiert Instrument - och nach net vu Lëtzebuerg énnerschriwwen - ass een Accord iwwert d'Aktivitéité vu Staten um Mound an aneren Himmelskierpere vun 1979. Do gesäßt een awer, datt scho verschidden...

Une voix.- Mir kéint och e Referendum maachen.

M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.- Mir kéint och ee Referendum doríwwer maachen, an déi Leit, déi mat Nee gestëmmt hunn, kéint och op de Mound fléien, fir ze kucken, wéi et do ausgesät.

(Hilarité et interruptions diverses)

A sengem Avis vum 7. Dezember 2004 huet sech de Statsrot hannert dës Zilsetzung gestallt an dëse Projet guttgeheesch. En huet awer gläichzäitig gemengt, datt déi aner Texter, déi Lëtzebuerg énnerschriwwen...

(Brouaha général et coups de cloche de la Présidence)

De Statsrot huet awer gemengt, datt Lëtzebuerg misst déi aner Konventiounen, déi Lëtzebuerg

énnerschriwwen huet an déi awer nach net ratifizéiert sinn, esou séier wéi méiglech ratifizéieren, fir d'Kohärenz vun deem ganze juristesche Kader hierzestellen.

Am schrifteche Rapport schlussendlech wäert Dir och dann déi Bassisregeln erëmfannen, well och eng Diskussion an der Kommission doríwwer war, wéi et mat der Responsabilitéit vum Stat ass, wann ee Satellit eroft; wou d'Responsabilitéit vum Lëtzebuerger Stat ass, wann een zu Lëtzebuerg immatrikuléierte Satellit vun der SES an engem anere Land géif eroftalen, wéi de Schued do ass, wéi d'Regele sech hale mam Konventiounsvertrag.

Et wier e bësse laang, fir dat hei opzéléschten an ze explizéieren. Dir kénnt dat an deenen zwee Abschnitter, déi ech dozou conscréiert hunn am schrifteche Bericht, noliesen. Dann ass dat alles fir de schriftechen an de mëndleche Bericht.

Wat d'Fraktioun ugeet, sou wäert d'CSV-Fraktioun mat grousser Begeeschterung dësem Text d'Zoustëmmung ginn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Santer. Éische Riedner ass den honorabelen Här Grethen.

Discussion générale

M. Henri Grethen (DP).- Här President, am Numm vu menger Fraktioun däerf ech dem Reporter félicitiere fir sain ausféierleche mëndlechen a schrifteche Rapport. Ech däerf der Chamber soen, dass mäi Kolleg Charles Goerens déi impressionnéiert ass iwwert déi detailléiert Fachkenntnisser, déi de Reporter hei exposéiert huet. Dee Projet ass jo wichteg fir d'Méenschheet. Dofir wäert et lech net wonnen, Här President, wa meng Fraktioun deem Projet hir Zoustëmmung gëtt.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Grethen. Den Här Diederich huet d'Wuert.

M. Fernand Diederich (LSAP).- No den ausféierlechen Erklärunge vum Rapporteur...

(Hilarité)

...wëll ech och dann den Accord vun eiser Fraktioun bréngen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- An als leschte Riedner huet den honorabelen Här Félix Braz d'Wuert.

M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- Ech wëll och just kuerz dem Här Santer Merci soe fir sái Bericht. Mir bréngje selbstverständlech och eis Zoustëmmung zu dësem Text.

M. le Président.- Fir d'Regierung huet den Här Jean-Louis Schiltz d'Wuert.

M. Jean-Louis Schiltz, Ministre délégué aux Communications.- Här President, fir d'éischt Merci dem Reporter fir sain ausféierleche Rapport iwwert déi wichteg Froen, déi och juristesch heiansdo komplizéiert sinn. De Reporter ass am Detail op den Text agaang.

Lëtzebuerg benotzt den Espace extra-atmosphérique, well et ass dat, wouvunner mer hei schwätzten. Doduerjer datt d'SES, wéi de Reporter richteg gesot huet, déi haut e Pilier vun eiser Ekonomie ass, eng Satelliteflott exploitéiert, bréngt déi Exploitatioun eng Verantwortung mat sech. Mir ginn däi Verantwortung hei haut de Kader. Et ass eng gutt Saach, datt mir do Regelen hunn, an ech géif d'Chamber also bieden de Projet ze stëmmen.

M. le Président.- Domadder ass d'Debatt ofgeschloss. Mir kéisem dann zum Vote vum Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm an ouni Abstentioun ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marco Schank (par M. Marcel Oberweis), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castagnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri (par M. John Castagnaro), Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Charles Goerens), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming (par M. Henri Grethen), Claude Meisch et Carlo Wagner (par M. Emile Calmes);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Mëtten um hallwer dräi. D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.36 heures)

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président
M. Niki Bettendorf, Vice-Président
M. Laurent Mosar, Vice-Président

Ordre du jour

- 4766 - Projet de loi concernant le sport et portant
 - modification de la loi modifiée du 7 juin 1937 ayant pour objet la réforme de la loi du 31 octobre 1919 portant règlement légal du louage de service des employés privés;
 - modification du code des assurances sociales;
 - dérogation aux articles 5 et 9 de la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

(Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motions)

- 4513 - Projet de loi portant approbation de la Convention sur l'accès à l'information, la participation du public au processus décisionnel et l'accès à la justice en matière d'environnement, faite à Aarhus (Danemark), le 25 juin 1998

(Rapport de la Commission de l'Environnement - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

- 5338 - Projet de loi portant création d'un Lycée technique pour professions éducatives et sociales

(Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle - Discussion générale)

- 5408 - Projet de loi portant modification de l'article 12 de la loi du 28 avril 1998 portant
 - harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal;

b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail;

c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

(Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture - Discussion)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Jeannot Krecké et Lucien Lux, Ministres; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet den Här Krecké am Numm vun der Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Jeannot Krecké, Ministre des Sports.- Nach net, mä wann et Äre Wonsch ass, ech hu vill Saachen um Häierz.

M. le Président.- Mir wäerten lech opmiersam dee ganze Mëtten nolauschteren, Här Minister.

ayant pour objet la réforme de la loi du 31 octobre 1919 portant règlement légal du louage de service des employés privés;

b) modification du code des assurances sociales;

c) dérogation aux articles 5 et 9 de la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports

M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dëser Diskussion a mat dësem Vote huet den Nométeg gëtt Lëtzebuerg sech en neit Sportgesetz. Dat bestehend Gesetz wat de Sport regelt dréit den Datum vum 26. Mäerz 1976.

No also bal 30 Joer ass sécherlech eng allgemeng Revisioun vun der Légalisation iwwert de Sport ubruecht. Well de Sport sech verännert huet an deene leschten 30 Joer, d'Ufuerderungen, d'Mis-